N°7545
Entrée le 02.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7545 vum 2. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz.**

*Gëtt d'Autorisatioun, fir zu Lëtzebuerg de Beruff vum Dokter oder Veterinär auszeüben, a Papeierform ausgestallt?*
*Wa jo, ass dat Dokument fälschungsssécher?*
*Wann nee, denkt d'Regierung drun, d'Autorisatioun a Form vun enger Kaart erauszeginn, déi elektronesch liesbar an domat och fälschungsssécher ass?*

D'Autorisatioun besteet aus engem Bréif an engem Arrêté ministériel dee vum Gesondheetsminister ënnerschriwwe gëtt.

Den Arrêté ministériel gëtt op méi déckem Pabeier mat Waasserzeechen ausgestallt. Zousätzlech ass eng Carte professionnelle an der Ausaarbechtung fir eng besser Identifizéierung ze erlaben. Dës Carte professionnelle huet hir gesetzlech Basis am Artikel 7bis vun der « *Loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire* » an ass duerch d'« *Loi du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxembourg* » bäigesat ginn.

*« (1) Toute personne autorisée à exercer la médecine au Luxembourg obtient une carte de médecin permettant à son titulaire d'attester de son identité et son droit d'exercer. »*

*Denkt d'Regierung drun, d'Autorisatioun a méi Sprooche méiglech ze maachen?*

Nee, d'Autorisatioun, d.h. den Arrêté ministériel, ass en Acte administratif deen an der franséischer Sprooch ausgestallt gëtt.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert